

Carte blanche RTL radio 17.01.2018

Michel Maquil, President vun InFiNe.lu

Version luxembourgeoise

Virun e puer Méint huet zu London d'House of Lords e gréissere Rapport opgestallt iwwer all déi Leit, déi et ëmmer méi schwéier hu fir nach einfach Finanzoperatioune kënnen ze maachen. Si mussen entweder héich Käschten droen oder si kréien Finanzservicer déi hiere spezifesche Besoinen net entspriechen. Hei huet d'House of Lords ze bedenke ginn datt esou Leit faktesch aus dem Finanzsystem ausgeschloss sinn. Dann ass et awer esou datt, unni adequat Finanzservicer, déi Leit keng laangfristeg Finanzplanung kënnen maachen.

Dat ass besonnesch traureg fir England wou op der Londoner Finanzplaz regelméisseg nei Produkter a Servicer op de Maart kommen déi bestëmmt si fir eng Clientèle, déi e grousst Verméigen hunn, wou dann awer fir déi aner sougenannte kleng Clienten kaum eppes gemaach gëtt. Deen Trend setzt sech sécher weider duerch, esou datt d'Distanz tëschent "aarm" a "räich" weider wiist.

D'Englesch Regierung, déi duerch dee Rapport erausgefuerdert ginn ass, huet dorop eng Rei Moosname virgestallt fir dëser Evolutioun entgéintzewierken.

Déi eng Moosname sinn dofir ze suergen datt all Client, op räich oder aarm, Accès huet zu enger Rei Finanzprodukter a Déngschtleeschungen déi esou wuel nätzlech wéi och bezuelbar sinn. Dat ass eng breet Panoplie vu Servicer, déi esouguer "Payment Systemer" an Versécherunge mat abegräifen. Hei ass d'Zesummenaarbecht noutwenneg, vum Staat mat de Banken, den Iwwerwaachungsautoritéiten an den Konsumenteschutzorganisatioune. Et gëllt net nëmmen déi Palett vu Servicer a Produkter opzestellen, mais et gëllt och se ze iwwerwaachen an se regelméisseg de Besoine vun de Clienten an vun den neien Technologien unzepassen.

Déi aner Moosname sinn déi, fir ze suergen, datt jiddereen déi néideg Kenntnisser ka kréien fir dës Produkter a Servicer optimal kënnen ze benotzen. Dat soll sécher prioritär iwwert de Schoulsystem geschéien mä doriwwer eraus muss och all Client d'Méiglechkeet kréie fir sech déi néideg Kenntnisser lafend un ze eegenen.

Och zu Lëtzebuerg musse mir eis, an dëser Hisiicht, eng Rei Gedanke maachen.

Mir gesinn och hei datt ëmmer méi Leit net méi matkomme mat den informatisierte Finanzservicer an derbäi sinn dat nach laang net nëmmen eeler Leit, mä esouguer jonk Leit hunn et heiando guer net einfach.

D'Digitaliséierung am Finanzsecteur wäert elo vill Ännerunge mat sech bréngen. Hei kréien besonnesch Clienten déi ee gewëssent Verméigen hunn nei Méiglechkeete fir präisgënsteg ganz interessant Operatioune ze maachen, fir esou hiert Verméigen ze vergréisseren

Et ass dofir och zu Lëtzebuerg onbedéngt noutwenneg fir ze suergen datt de Finanzsystem esou evoluéiert datt en am Déngscht vun der gesamter Bevëlkerung steet a bleift, an datt keng Kategorie vu Clienten den Androck kritt si misst iwwerproportional Käschten droen, fir dann zweetklassseg Servicer a Produkter offréiert ze kréien.

Version française

Il y a quelques mois, la Chambre des Lords à Londres a publié un vaste rapport sur les personnes qui éprouvent de plus en plus de difficultés à réaliser de simples opérations financières. Ce phénomène peut avoir deux causes : soit les frais associés aux opérations sont trop élevés, soit les services financiers proposés ne répondent pas aux besoins spécifiques de ces personnes. Dans ce contexte, la Chambre des Lords a fait remarquer que ces personnes sont effectivement exclues du système financier. Or, sans les services financiers appropriés, elles ne peuvent pas procéder à une planification financière à long terme.

C'est particulièrement regrettable en Angleterre, où de nouveaux produits et services destinés à une clientèle fortunée sont régulièrement lancés sur la place financière, mais où les « petits clients » sont pour ainsi dire laissés pour compte. Cette tendance se poursuivra sans nul doute, de sorte que le fossé entre les « riches » et les « pauvres » continuera à se creuser.

Le gouvernement britannique, qui a été mis au défi par ce rapport, a proposé une série de nouvelles mesures afin d'aller à l'encontre de cette évolution.

Une partie de ces mesures visent à s'assurer que chaque client - qu'il soit riche ou pauvre - ait accès à une série de produits financiers et de services qui sont à la fois utiles et abordables. Il s'agit d'une large palette de services, qui comprennent même des « systèmes de paiement » et des assurances. Une coopération entre l'État et les banques, les autorités de surveillance et les organisations de protection du consommateur est nécessaire à ce niveau. Il ne s'agit pas simplement de mettre au point une telle palette de services et de produits, mais aussi de la surveiller et de l'adapter régulièrement aux besoins des clients et des nouvelles technologies.

Les autres mesures sont celles qui visent à s'assurer que tout le monde peut s'approprier les connaissances nécessaires pour pouvoir utiliser ces produits et services de façon optimale. Cette acquisition doit se faire de manière prioritaire par l'intermédiaire du système scolaire, mais chaque client doit en outre avoir la possibilité d'acquérir les connaissances nécessaires tout au long de sa vie.

Au Luxembourg aussi, nous devons nous poser une série de questions à ce propos.

Ici aussi, nous constatons qu'un nombre croissant de personnes sont dépassées par les services financiers informatisés. Les personnes âgées ne sont de loin pas les seules concernées, car même des jeunes ont du mal à suivre le mouvement.

La numérisation dans le secteur financier entraînera de nombreux changements. Les clients plus aisés en particulier se voient offrir de nouvelles possibilités pour réaliser des opérations très intéressantes et à faible coût afin d'accroître leur fortune.

Il est dès lors aussi nécessaire de veiller à ce que le système financier au Luxembourg puisse rester au service de l'ensemble de la population afin d'éviter qu'une catégorie de clients ait le sentiment de devoir s'acquitter de frais disproportionnés, pour en fin de compte se voir offrir des services et des produits de deuxième ordre.